# WAT äntweren?

# Porno, wat ass dat?

## Wann e Kand mat Pornografie konfrontéiert gëtt

## Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen...

Dir kommt heem a gesitt Äert Kand, wéi et op dem Computer, Fernsee, Tablet oder Smartphone Pornoen oder Pornobiller kuckt. Wat maachen?

- Dir bierelt an Dir wëllt séier de Computer oder de Fernsee ausmaachen.
- Dir maacht, wéi wann Dir näischt gesinn hätt, a flücht aus dem Zëmmer.
- Dir decidéiert, mat him – jee no Alter – iwwer d'Thema Pornografie ze schwätzen.

Dee leschte Virschlag ass sécherlech dee beschten, och wann et dee schwieregsten ass.

Et muss ee wëssen, dass déi meeschte Kanner virum 10. Liewensjoer (fräiwëlleg oder onfräiwëlleg) mat pornografesche Biller konfrontéiert ginn. Den Ubléck vun dëse Biller ka fir munch Kanner e richtege Schock sinn. Dowéinst sollt een net zécken an d'Initiativ ergräifen, fir driwwer ze schwätzen. Et gëtt awer kee Grond zur Panik, well vill Jugendlecher Pornoen oder pornografesch Biller kucken: Ongeféier 30 % vun de Pornografiekonsumente si Jugendlecher (Rapport vum Observatoire de la famille – Frankräich 2016). Et ass „normal", dass jonk Leit bei dësem Thema virwëtzeg sinn, mä Pornografie wäert ni eng emotional a sexuell Educatioun mat enger positiver Approche, déi dem Kand guttdeet, ersetzen.

## „Theoretesch" Repèren

Fir Pornografie ginn et keng Repèren. Bis 18 Joer ass se verbueden.

De Besëtz vu pornografeschem Material ass am Prinzip net verbueden, virausgesat, dass kee Mannerjäregen un der Produktioun vum Material bedeelegt war.

De Besëtz an d'Veröffentlechung vu kannerpornografechem Material ass gesetzlech verbueden a gëtt streng bestrooft.

D'Gesetz verbitt och de Verkaf oder d'Verbreedung vu pornografeschem Material u Mannerjäreger. Awer just e puer spezialiséiert Websitte kontrolléiere streng den Alter vun den Internetuser: E Button, dee bestätegt, dass een 18 Joer huet, ass oft déi eenzeg „Kontroll" op dës Manéier op engem Site.

D'WHO recommandéiert, dass Dir mat Äre Kanner ab 9 Joer iwwer Pornografie schwätzt.

Scho ganz jonk Kanner benotze YouPorn (e gratis „Amateur"-Site) a kréien esou vill falsch Virstellungen an Iddien iwwer Sex.

Jonk Kanner benotzen eng Panoplie vu pornografesche Websitten (gratis an „Amateur"-Sitten), deenen hir Inhalter zu vill falsche Virstellungen iwwer Sexualitéit féieren. E puer sozial Netzwierker wéi Twitter oder Pinterest verbidde pornografesch Inhalter net. Mä esouguer Websitten, déi esou Inhalter verbidden, kënne munchmol ze vill lues sinn, fir hir Verbreedung ze blockéieren.

Et ass zimmlech warscheinlech, dass den éischte Kontakt vun engem Kand mat pornografeschen Inhalter iwwer Biller an/oder Videoe geschitt, déi privat tëschent de Kolleegen iwwer Messaging-Déngschter wéi WhatsApp, Snapchat etc. verschéckt ginn.


## D'Meenung vun den Experten/Expertinnen

Kanner hunn am Duerchschnëtt **10 Joer, wa si déi éischte Kéier e Porno oder pornografesch Biller kucken,** an déi meeschte Kanner gi mat dëser Zort Biller konfrontéiert. All Kand huet um Enn vu senger Lycéeszäit schonn emol e pornografescht Bild gesinn.

Et ass wichteg ze soen, dass Pornografie weder gutt nach schlecht ass, mä et muss een driwwer schwätzen. Iwwer Sexualitéit schwätzen. Et sollt een net waarden, fir d'Thema unzeschwätzen, well een der Meenung ass, dass Kanner réischt mat 16 bis 18 Joer Accès zu Pornografie hunn. Driwwer ze schwätzen ass eng gutt an effikass Manéier, fir de jonke Mënsch ze berouegen, wann hie wéinst pornografeschen Inhalter méiglecherweis schockéiert ass.

Pornografie ("mainstream") entmënschlecht Sexualitéit, objektivéiert Fraen, verzerrt Rollen an Normen (Virurteeler, Geschlechterrollen, Stereotyppen, Kierper ouni Hoer, männlech Leeschtung, Gewalt etc.).

Pornografescht Material muss esou versuergt ginn, dass Kanner net dru kommen a keen Accès dozou hunn. Sexualerzéiung wierkt als Ausgläich a Géigegewiicht zu pornografesche Biller an d'Duerstellung vu Sex, déi si vermëttelen.



## Tipps a méiglech Reaktiounen

- Denkt drun, d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen.
- Wann Äert Kand schockéierend Biller gesinn huet, da fannt eraus, wou an ënnert wéi engen Ëmstänn et se gesinn huet, a frot, wéi et sech dobäi gefillt huet. Et soll e Gespréich sinn a kee Verhéier. Informéiert Iech iwwer de Kontext (ouni nozefuerschen): Biller, déi direkt vum Jugendleche gemaach oder aus dem Internet erofgeluede gi sinn, Biller, déi Manneräger an/oder Erwuessener duerstellen. Wann den Inhalt kannerpornografescher Natur ass, da mellt et direkt der Police oder online iwwer Bee Secure:https://stopline.bee-secure.lu/fr/node/add/report_illegal_cont.
- Kritt Är eegen negativ oder penibel Gefiller an de Grëff, fir dass Dir a Rou mam jonke Mënsch schwätze kënnt.
- Informéiert Äert Kand iwwer de rechtleche Kader.
- Berouegt hien a schwätzt mateneen: Äntwert op seng Froen an erënnert hien drun, dass et Fiktioun an net d'Realitéit ass. Sot him, dass et sech an der Reegel ëm Filmer handelt, an deene Schauspiller/Schauspillerin dofir bezuelt ginn, fir Zeenen ze dréinen. Si stellen d'Realitéit iwwerspëtzt duer, well si et fir de Public maachen. Dës Filmer gi virun allem fir en erwuessenen, männleche Public gedréint an déi meescht objektivéiere Fraen.
- Vun Inhalter schockéiert ze sinn, ass keng Fro vum Alter. Erkläert deemno Ärem Kand, wat hatt maache soll, wann him dat geschitt. Sot him, dass et ka virkommen, dass hatt Biller gesäit, déi hatt schockéieren an desagreabel oder peinlech fir hatt sinn, an dass een an deem Fall driwwer schwätze kann. Ënnersträicht, dass pornografesch Filmer keng Modeller sinn, déi ee kopéiere muss.
- Encouragéiert méi al Teenager, d'pornografesch Biller, déi si gesinn hunn, an de lukrativen Zweck vun dëse Filmer (Konsumproduit) ze decodéieren an z'analyséieren. Analyséiert mat hinnen zesummen d'Rolle vun de Fraen* an de Männer* (Stereotyppen etc.), déi net der Realitéit entspriechen: keng Zäertlechkeet etc.
- Et ass nach ëmmer wichteg erauszefannen, wéi vill de jonke Mënsch iwwer d'Pubertéit a virun allem iwwer d'Thema Awëllegung weess.

**WAT DIR NET MAACHE SOLLT:**

- Beschëllegt an (ver)urteelt net.
- Banaliséiert Pornografie net an ignoréiert se net.
- Dult a verharmloost se net, a laacht virun allem net zesummen driwwer (Verstäerkung).
- Kuckt virun allem esou Fotoen/Videoen net, wa Jugendlecher dobäi sinn.

## Hëllefsmëttelen

- Installéiert eng Kannersécherung.
- Iwwerpréift d'Spären an de Sichmaschinnen an och op um Tablet, iPad etc.
- www.beesecure.lu
- www.bee-secure.lu/fr/themes/surfer/pornographie
- www.bee-secure.lu/fr/outils/publications/factsheet-porno
- www.klicksafe.de

planning familial

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**